

Am Chile **Projet Teatrobus**



Am Summer 2014 war d'Diane Catani vum chilenesche Projet Teatro-Bus zu Lëtzebuerg, zesumme mam Victor, deen de Caissier vum Projet ass. Mer ware frou, hatt erëm ze gesinn an en Abléck an d'Zukunftspläng vum Projet ze kréien.

Den Teatro-Bus geet 2015 a säi fënneft Joer. Zënterdeems ass de Projet senge Prinzipien trei bliwwen a realiséiert sozialkulturell Aarbecht duerch den Theater.

D'Diane Catani konnt mat verschiddene Mataarbechter ville Kanner a Jugendlechen aus engem Aarmevéirel vu Santiago de Chile Aktivitéiten ubidden, déi hinnen eng méi integral Entwécklung erméiglechen a Selbstvertraue schenken. Theater, Danz a kreativ Ateliers ginn hinne schéi Momenter an engem Alldag, dee vun Aarmut, Ausgrenzung, Drogen a Gewalt geprägt ass.

D'Diane a seng Ekipp, d'Anita an den Enri, kucke mat vill Zouversicht an d'neit Joer. D'Iddi vum Theaterbus, deen als mobil Kuliss, a gläichzäiteg als Informatiouns- a Präventiounsbüro ka funktionéieren, ass een Ziel, op dat si hischaffe wëllen.

An der Tëschenzäit hu si eng eege professionell Theatergrupp gegrënnt, an prouwen un engem Stéck zum Thema sexuelle Mëssbrauch. Et feelt also just nach den Bus, fir nach méi Menschen am Aarmevéirel kënnen ze errechen. Ween hëllef wëll, den Dram vun engem eegene Bus ze erfëllen, kann eng Spent un Andamos mam Vermierk « ProjetTeatrobus » maachen.



Bolivien


Mercibréif vum Albina Delgadillo Claros, Mäerz 2014

« ... Fir d'éischt wëll ech der "Fundacion Christo Vive an Andamos Merci soen, dat Dir mir en groussen a wichtegen Schrott a mengem Liewen erméiglecht hutt. Wéi dir wësst, hunn ech d' Studium fir mäi Beruff "Technico Medio en Gastronomìa" de läschte Mount ofgeschloss. Dëst erlaabt mir fir den Moment, mech mat méi groussen Méiglechkeeten an der Beruffswelt weider ze entwéckelen, an dat an deem wat mir am meeschten gefällt, der Kichen.

Ech sinn immens frou dësen Beruff fäerdeg geléiert ze hunn a soen villmools Merci fir déi Hoffnung an dat Vertrauen dat Dir a mech geluecht hutt.

Merci dat Dir mir gewisen hutt, dat den Wee bis zum Ziel méiglech ass, wann een et wënscht an sech ustrengt, am Wëssen dat näischt am Liewen onméiglech ass. Dat wichtegst ass dat är Hëllef, sief et finanziell, awer och är Motivatioun, de Wee zu mengem Ziel waren...

Muchas gracias!!!



n.

6

2014 - 2015

Andamos! asbl

3, rue Michel Rodange

L-7681 WALDBILLIG

Tel 26 81 08 29

www.andamos.lu info@andamos.lu

BCEE LU80 0019 2955 3635 3000

Weider Informatiounen kritt Dir bei:

Carmen Seyler a Luc Azzeri

Liesie Gompelmann a Fränk Arend

Marc Frieden an Nadine Lamesch



Virwuert

Andamos huet sech 2014 virgeholl, sech méi am Beräich vum Drëtten Alter ze engagéieren. No eiser Visite zu Cochabamba am läschte Joer, bei der mer aktiv un eisem Projet Puriskiris deelhuele konnten huet et eis wichteg geschéngt dëse Projet ze erweideren an déi dacks desolat Situatioun vun eelere Leit a Bolivien ze verbesseren. Zur Erënnerung, déi eeler Leit kréien a Bolivien eng Rent vun ongeféier 25 Euro. Sie sinn oft op sech eleng gestallt, liewen an extremer Aarmut, oft an engem eenzelnen Zëmmer an deem gewinnt, gekacht a geschlof gëtt, zudem ouni anstänneg Sanitäranlagen. Eise Partner huet dëst Joer no Récksprooch mat eis eng Infirmière agestallt, déi ons eeler Persoune vum Projet Puriskiris, regelméisseg besicht a no hinne kuckt. Andamos huet sech engagiert bis op weideres, Pei vun der Infirmière 3 Joer laang ze iwwerhuelen.

E grouse Merci wëlle mir dem Nicola Wiebe soen, Geschäftsführerin vu Cristo Vive Bolivien. Nicola geet Enn des Joers mat senger Famill an Däitschland a gëtt vun enger neier Persoun ersat, dem Vidal C. Arratia Torrez. Dem Nicola alles Guddes fir seng nei Erausfuorderung an ee ganz grouse Merci fir déi vill Aarbecht an Ënnerstëtzung bei all eise Visiten a Bolivien an der ganzer Planung vun eise Projeten. Dem Vidal wënsche mer grousst Durchhaalvermeigen op senger neier Platz.

Eis Gléckwësch ginn un de President vu Bolivien, den Evo Morales, deen den 12. Oktober fir drëtte Kéier gewielt ginn ass, an dëst mat bal 60 Prozent vun de Stimmen. Och him Courage a Gedold fir seng nächst Mandatsperiod.

Iech alleguer, wënscht Andamos alles Guddes fir Joer 2015. Bleift eis als trei Donatoren, Pätteren a Giedelen, Mataarbechter, ganz einfach als Frënn erhalten. Villmools Merci un iech fir är Hëllef an Ënnerstëtzung.

MERCI!



Andamos ass aktiv

Andamos war am läschte Joer och erëm aktiv bei eis am Land. Souwuel zu **Ëlwen um Konschtmaart**, wéi och zu **Esch-Sauer um Nuetsmaart** ware mer mat eisem Shop ënnerwee. Dobäi konnte mer de Leit eis südamerikanesch Artesania weisen a verkafen. Bei dëser Geléenheet konnte mer och den interesséierte Persounen eis Aarbecht a Bolivien an am Chile méi no bréngen.

Fir och deenen eelere Leit en Abléck an dat südamerikanesch Liewen ze ginn, an den Lien ze maache mat eisem Projet "Puriskiris" zu Cochabamba, ware mer zu **Ëlwen am SERVIOR**. Bei engem flotte Photoreportage mat uschléissendem Quiz hate mer zesumme mat den Leit e puer schéi Stonnen.

Wéi schonn di läscht Joeren hu mer och 2014 eng Grillaktioun virum **Cactus zu Angelduerf** gestart. Dëse Boni erméiglecht Andamos, seng lafend Käschten ze decken, sou dass Dir kënnt sécher sinn, dass all Är Spenden och als Don bei de Leit a Latäinamerika ukommen.

... an am **Lycée Ermesinde** hunn eis sportlechste Comitésmitglieder um "Charity Run" deelgeholl.

Eis Projeten a Bolivien kuerz erkläert

Zuelen a Fakten: wat mat Ären Donen geschitt



Projet Puriskiris

E Sozialarbechter an eng Infirmière këmmere sech zu Cochabamba ëm ronn **70** eeler Dammen tëschent 65 a 92 Joer, déi ënner dem Existenzminimum liewen.

Parrainage vun Internatsschüler

37 Internatsschüler zu Bella Vista kréien all Mount 20 Euro vun eise Pätteren a Giedelen bäigesteiert, fir hir Studien an der Handwierkerschoul kënnen ze maachen.



50% Pai vun enger Sozialarbechterin, déi Formatiounen zu Themen wi Ernährung a Mësshandlung mat den Elteren zu Bella Vista mecht. Si besicht d'Familien doheem, wann et noutwendeg ass.



90 Kanner kommen zu Tirani an d'Hausaufgabenhëllef. Andamos iwwerhëllt mat Ären Don'en d'Pai vun enger Educatrice, déi zu 50% hei schafft.

